# Kris an OPL

Guy Engels

An Amerika, do wou d'Kultur ze soe ganz vun der Privatwirtschaft ofhänkt, kritt se d'Konsequenze vun der Kris och am däitlechsten ze spieren. Operenheiser ginn zougemaach, Orchesteren entloosse Museker, an de Produktioune gëtt gespuert.

Den Dirigent vum Houston Symphony Orchestra, den Hans Graf, huet eis an engem Gespréich verroden, datt et fir déi nei Saison schwiereg wäert sinn, grouss auslännesch Solisten z'engagéieren. Déi kréien net nëmmen een décke Cachet, mä den Orchester muss och nach de Flug an den Openthalt bezuelen. Well jo awer an all Kris och eng Chance läit, esou wäert Houston elo emol nees jonken, einheimesche Kënschtler d'Geleeënheet ginn, sech ze weisen.

Bei eis zu Lëtzebuerg geet vun esou drastesche Moossnamen nach keng Rieds – an och wann et fir all d'Organisateure vu Kulturmanifestatioune méi schwiereg gëtt, Programmer op d'Been ze stellen, da bleift fir de Kulturkonsument d'Offer weider ganz grouss. Dat bedeit allerdéngs net, datt een däer permanenter Erosioun einfach sollt nokucken an déi zimlech eesäiteg Ëmverdeelung vun de Finanze muss guttheeschen.

Et sinn eppes méi ewéi zéng Joer hir, dunn ass zu Lëtzebuerg gestruewelt ginn, fir dee fréieren RTL-Orchester an enger anerer Form um Liewen ze halen. D'Opreegung war zu Recht grouss. Deen éischten a bis dato eenzege Lëtzebuerger Symphonieorchester vu Format hätt solle sang- a klanglos verschwannen, eng ronn 70 Museker hir Aarbecht verléieren – an dat an engem Joer, wou Lëtzebuerg europäesch Kulturhaaptstad war.

Vill Leit hu sech deemools dofir agesat, eng passend Léisung ze fannen, an haut kann d'Land wierklech houfreg sinn op dee kulturellen Effort, well de Philharmoneschen Orchester Lëtzebuerg ka sech weisen – a vrun allem héiere loossen.

D'Politik bretzt sech mam Orchester, apostrophéiert en als kulturellen Ambassadeur vum Land, zitt en all Kéier als Tromp aus dem Aarm, wann anerer eis ënnert d'Nues reiwen, mir hätten ausser Banken näischt ze bidden.

Mä grad elo, wou d'Banken eis esou an d'Labrenten manœuvréiert hunn, muss och den OPL fir si matbludden.

D'Politik verschreift hirem Kulturambassadeur eng finanziell Kur – mat manner Sue soll den Orchester grad esou glänzen wéi bis elo, sech däer internationaler Konkurrenz an der eegener Residenz um Kirchbierg stellen a fir seng Präsenz do och nach weider schéin deiere Loyer bezuelen.

Den Dilemma ass grouss: Spuert een an de Produktiounen, also an der Offer, dann zitt de Public vläicht net méi mat. Spuert een an de Betriebskäschten – also och u Mataarbechter – da schaaft een eng sozial Kris a kënschtleresch kann ee reduzéierten Orchester net méi mathalen.

Den OPL muss elo an de saueren Apel bäissen, verzicht op grouss Tournéeën an op personalintensiv Projeten – mä op Dauer geet dat net, ounst un der Renommée an un der Konkurrenzfähegkeet vum Orchester ze kraatzen.

Lëtzebuerg huet sech a senger Geschicht ëmmer drëms beméit, net vun enger monolithescher Wirtschaft ofhängeg ze sinn, seng Economie ze diversifizéieren, op méiglechst vill Schëlleren ze verdeelen. Wat d'Musek ugeet, si mer um beschte Wee an eng monolithesch Struktur – an dat ass manifestement déi falsch Léier, déi aus der ablacklecher Kris ze zéien ass. ◆

*Kulturchronik vum 7.4.2009*

**D'Politik verschreift hirem Kulturambassadeur eng finanziell Kur – mat manner Sue soll den Orchester grad esou glänzen wéi bis elo [...].**

*De Guy Engels ass Museksredakter beim radio 100,7.*
*Kulturchronik um radio 100,7 all dënschdes um 7.55 an 12.50 Auer*